

téit an d'Existenz vun där Infrac-tioun.

An dofir mengen ech, datt, wa mer Europa seriö huelen, wa mer wirk-lech den europäesche Rechtsraum wëlle schafen, vun deem der esou vill schwätzen, mä da muss een och Faarf bekennen an da muss ee kucken, dass een en Text fénnt, deen dat doten op eng uerdentlech Aart a Weis ëmsetzt. An dofir schéngt et mir net absurd, datt mer hei den europäeschen Haftbefehl maachen. Mir sinn dat zéngte Land, wat elo den europäeschen Haftbefehl wäert ëmsetzen. Et sinn der also nach e puer, déi et musse maachen.

Ech stellen och fest - dat soen ech dem Här Fayot -, datt mir am Mäerz 2003 de Projet de loi déposiéert hunn. Mir sinn elo am Mäerz 2004, d'Regierung hat also hir Aarbecht gemaach, mä ech ginn awer och zou, datt déi, déi duerno deen Text musse kucken, virun allem de Statsrot, deen hei eng länger Zäit gebraucht huet, vill Aarbecht hunn, datt dat komplizéiert Texter sinn an datt et dofir heiandsdo e bësse méi laang dauert. Mä wéi gesot, et sinn och nach fénnef aner Länner, déi e mussen ëmsetzen.

Den Text wär vläicht e bësse bes-ser ginn, wa mer net mat der Unanimitéit hätte missen am Euro-päesche Conseil ofstëmme. An dat solle mer eis ganz gutt verha-len, wa mer an e puer Méint, vläicht an engem Joer, ech weess et net, iwwert den europäesche Verfas-sungstext ofstëmme. De Fait, datt mer à l'unanimité am Beräich vu Justiz an Intérieur ofstëmme, féiert ganz oft zu enger gewësse-ner Verwässerung vun Texter, well mer soss den Text iwwerhaapt net approvüiert kréien. Hätte mer den Text awer hei net ugeholl, da géinge mer zouginn, datt mer an Europa den Terroristen an de Kriminalen et einfach géinge maachen, well et brauch een nëmme an een anert Land ze goen, fir d'Folgen ze évitieren an ënnert de Prozedur-schwieregkeete vun den Extradi-tioune méiglechst laang kënne senger Responsabilitéit ze entwäichen.

Ech muss lech soen, wann een de Kampf géint d'Kriminalitéit seriö hält, da muss een och hei zu de-sem Text jo soen. De Contraire maachen ass nee soen zu engem Europa, wat d'Kriminalitéit effikass bekämpft. Dofir brauche mer an Zukunft méi Harmonisatioun a Froe vun de schwéiere Strofdoten. Mir hunn dat zu Tampere gesot. Mir wëllen dat och weider maachen. Well mir hunn zum Deel dat iwwre-gens gemaach, wéi mer déi Décision-cadre iwwert d'Définitioun vun Terrorismus ugeholl hunn, wéi mer d'Décision-cadre ugeholl hunn iwwert d'Traite des êtres humains, d'Exploitation sexuelle des enfants. Et gëtt eng ganz Rei vu schwéieren Infrac-tiounen, déi mer schonn har-moniséiert hunn.

Ech bleiwen der Meenung, datt mer an Europa op deem Wee do nach musse wäit weidergoen. Waarde mer awer bis mer e Code pénal européen hätten - fir deen ech iwwregens sinn - a maachen dann eréischt de Mandat d'arrêt, also da sinn awer nach vill kriminell Doten an Europa geschitt, eier mer kënnen effikass d'Kriminalitéit bekämpfen. Dofir sinn ech och der Meenung, datt mer op de Wee vun engem Parquet européen musse goen, deen och awer nëmme zoustänneg ass fir schwéier grenz-iwwerschreidend Kriminalitéit. Do-riwwer wäerte mer jo och nach Dis-kussiounen musse féieren am Kader vun der Regierungskonferenz, déi amgaangen ass d'Verfassung op d'Been ze setzen.

Op jiddfer Fall, wa mer deesen eu-ro-päeschen Haftbefehl haut hei stëmme: Déi, déi e stëmme, déi hu wesentlech dozou bäigedroen, datt mer de Kampf géint d'schwéier Kriminalitéit, déi grenz-iwwerschreidend an Europa ass, méi effikass upaken, datt mer méi schnell virun de Gerichter virukom-

men an datt mer domat e Stéck Europa bauen, e Stéck vun dem groussen europäesche Raum vu Fräiheet, Sécherheet a Recht. Dat wäert eng vun de groussen Aufga-be vun Europa an deenen nächs-ten zéng Joer bleiwen. Hei ass e Pillier vun deem gesat an dofir soen ech all deene merci, déi dese Pro-jet de loi wäerte stëmme. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - D'Madame Renée Wagener wollt nach eng Fro stellen.

■ **Mme Renée Wagener (DÉ/GRÉNG).** - Ech stellen elo keng Fro. Här President, ech wollt dem Här Minister am Fong just mäin Erstau-nen ausdrécken iwwert déi Vehe-men-z, mat där hien elo geschwat huet, besonnesch um Ufank vu senger Interventioun, wou et drëms gaangen ass, ob een éischter a Richtung Reconnaissance mutuelle geet oder Harmoniséierung vun europäesche Rechtssystem.

Well ech wéilt hien drun erënneren, dass mer an der éischter Ré-unioun, wou hien eis de Projet pre-sentéiert huet, och eng Erklärung kritt hunn doriwwer, wéi et histo-resch zu där Décision-cadre komm ass, a wou hie selwer gesot huet, ech zitieren: „Au cours des négo-ciations au sein du Conseil, il est apparu rapidement qu'il y avait deux écoles, la première préconisant la reconnaissance mutuelle de toutes les décisions judiciaires comme de toutes les autres déci-sions des autorités judiciaires des différents pays membres..." - Dat ass also dann de Mandat d'arrêt, dee mer elo hei kennen. - "...", tan-dis que d'après la seconde école il faudrait d'abord procéder à une harmonisation du droit pénal au plan communautaire avant de pou-voir reconnaître systématiquement les décisions prises en matière pé-nale par les autorités judiciaires des différents États membres." An dann: „L'orateur adhère personnel-lement à la seconde école." Dat heescht, déi Positioun, déi mir als Gréng vertrieeden, ass am Fong dat, wat de Minister deemools sel-wer perséinlech vertrueden huet.

Dofir kann ech net novollzéien, fir-wat en dat elo esou schlémm fénnt. Mir sinn och net der Meenung, datt een all Schwéiervverbriecher soll la-fe loossen. Mir menge just, datt ee misst, ier datt et zu enger Ausliw-erungspolitik kënnt, eng gemein-sam Basis hu fir déi Ausliw-erungspolitik an datt d'Recon-naissance mutuelle net de richtige Wee ass. Déi Philosophie gëtt awer mat deem heite Projet verfestegt an éterniséiert, an do si mir der-géint.

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, ech wëll just soen, datt mer grad dofir eis op déi Lëscht vun deenen 32 Infrac-tioune gemaach hunn, well ech ge-sot hunn, ech si fir déi Schoul vun der Harmonisatioun, an dofir hunn ech gesot fir dat an dee Mandat d'arrêt do eranzebréngen. Mir wa-ren net d'accord, datt et géing fir sämtlech Infrac-tioune spillen, mä nëmme fir déi Infrac-tioune, déi soit harmoniséiert sinn, soit déi, wou mer an all eisen Droit-pénalen der Meenung sinn, datt dat do grave Infrac-tioune sinn, déi in etwa nämlechst considéiert ginn. Dofir huet sech am Fong déi Schoul vun der Harmonisatioun kombinéiert mat dem Prinzip vun der Recon-naissance mutuelle. D'duebel Incrimination bleift do bestoen, wou mer nach net um Wee si vun enger hallwer oder ganzer Harmonisa-tioun. Dofir, mengen ech, muss een dat Ganzt gesinn.

Mä mir stoungen zu engem gewë-sene Moment, nodeem mer we-sentlech Punkten duerchkritt hunn, virun der Fro: Soe mer jo oder nee heizou? An d'Fro ass: Soe mer jo oder nee zu enger schneller an ef-fikasser Bekämpfung vun der Kri-minalitéit an Europa?. An do war eis Äntwert kloer: Mir hu jo gesot.

■ **M. le Président.** - Den Här Henckes freet nach eng Kéier d'Wuert.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech mengen, Här Presi-dent, et muss een zwou Saache festhalen. Déi éischt ass, dass den Här Justizminister a sengen éisch-te Wieder och gesot huet, datt den Text nach munch Imperfektioune huet. Domadder hutt Dir ugefaan-gen.

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - All Text an Europa, deen e Kompromëss ass, dee vu 15 ugeholl gëtt!

(Interruptions diverses)

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Eng Feststellung.

Zweetens muss een och festhalen, datt mer alleguerte wëllen den Ter-rorismus an d'grouss Kriminalitéit bekämpfen. Dat Eenzegt wat mir gär hätten, dat si prezis Texter, well et ass jo och esou, datt hei d'Lëtze-buerger kënne vun deene Saache beträff sinn, datt mer also do mus-se kucken, datt mer hei déi Rech-ter, déi ons hei zoustinn, datt mer déi kënne bäibehalen.

An dat wat ech just wëll festhalen, dat ass, datt mer hei munech Pro-blemer nach opweises hunn, déi net geléist sinn, an et ass doduer-ger, wou ee muss awer als Opposi-tioun d'Recht behale fir e puer kri-tesch Wieder hei ze soen an ze bedauern, datt d'Regierung net mat der Chamberkommissioun déi iwwert déi Debatt definéiert huet. An ech wëll drop hiweisen, datt et och e gudde Moyen gewiescht wär fir d'Regierung fir aktiv ze hande-len, wa se plädéiert hätt fir déi Kon-ventiounne vun 1995 an 1997, déi deeselwechte Punkt um Ordre du jour haten, deeselwechten Objet haten, wa mer déi hätte kënnen an Europa iwwert d'Bühn bréngen. Do hate mer uerdentlech a prezis Tex-ter.

■ **M. le Président.** - D'Diskus-ioun ass elo ofgeschloss.

Kolleegen, mir kéimen normaler-weis elo zur Lecture vun den Arti-kelen. Ech maachen lech awer eng Proposition: Den Här Finanzminis-ter huet um sechs Auer en eu-ro-päesche Finanzminister, deen op hie waart. Mir géingen elo uschléis-send dat Gesetz, wat och a senger Kompetenz ass, nach virhuelen - et ass jo kee ganz laangt - an da géinge mer d'Lecture vun deenen zwéi Gesetzer matenee maachen, och de Vote.

Sidd Der domadder d'accord?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer also elo zur Diskus-ioun vun Projet de loi 5199 iwwert d'Titrisatioun. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Krecké, Graas, Gibéryen an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Hauptert.

11. 5199 - Projet de loi relative à la titrisation et portant modification de

- la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

- la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commis-sion de surveillance du secteur financier

- la loi du 27 juillet 2003 sur le trust et les con-trats fiduciaires

- la loi modifiée du 4 dé-cembre 1967 relative à l'impôt sur le revenu

- la loi modifiée du 16 octobre 1934 concer-nant l'impôt sur la for-tune

- la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. De Projet 5199 huet als Zil de ge-setzleche Kader ze schafen, fir den Développement vun engem neie Finanzprodukt fir eis Bankeplaz ze erméiglechen. Dëst neit Finanz-instrument heescht Titrisatioun oder op Däitsch och nach Verbrie-fung. D'Titrisatioun besteet doran, datt eng Gesellschaft, meeschtens handelt et sech ëm eng Bank, een Deel vun Aktiv vun hirem Bilan, a meeschtens sinn dat Créancen, enger anerer Gesellschaft, déi Or-ganisme de titrisation heescht, ver-keeft.

(Coups de cloche de la Prési-dence)

Deen Organisme de titrisation stellt, fir sech déi néideg Geldmët-tele fir de Kaf vun deene Créancen ze beschafen, Titren, dat heescht Aktien aus, déi hien u potenziell In-vestisseure verkeeft. Esou kann zum Beispill eng Bank X, déi en décke Portfeuille vun Autokredit-ter huet a Liquiditéit brauch, dese Portfeuille engem Organisme de titrisation verkafen.

Hei stellt d'Fro sech natierlech vun dem Intérêt vun esou enger Opera-tioun. Fir d'Bank X läit den Intérêt op zwéi verschiddene Pläng. Eischtens, si ka sech nei Liquiditéit verschafen an déi a méi rentabel Produkter wéi Autokreditter uleeën. Zweetens, well d'Banken obligéiert sinn, e gewëssenen Un-deel vun hire Kreditter duerch Eegekaptal ze decken, mussen se, wann deen obligatoreschen Undeel net méi assuréiert ass, ent-weder hiert Kapital erhéijen oder een Deel vun hire Kreditter liqui-dieren. D'Titrisatioun stellt an esou enger Situatioun eng gënsch-teg Geleeënheet fir e Finanzinstitut duer, een Deel vu senge Créancen ze verkafen an doduerch säin „Ra-tio Cooke“ ze verbessern. Dee Ratio ass fir d'Cotatioun vun enger Bank ganz wichteg, well e gudde Ratio hir erlaabt zu méi gënschte-ge Konditiounen Geld geléint ze kréien, wat fir d'Geschäft vun en-ger Bank immens wichteg ass.

Fir den Organisme de titrisation anerersäits stellt d'Operatioun e Geschäft mat engem gewëssene Risiko duer. Hie keeft e Portfeuille mat enger méi oder wéineger grousser Décote, dat heescht mat enger Präisdifferenz op, a wann en dann all Kreditter rembourséiert kritt, verdéngt e Geld op der Diffe-renz tëschent dem Akafspräis vun Portfeuille an dem Rembourse-ment vun de Kreditter. Fir den In-vestisseur schlussendlech stellt d'Titrisatioun en alternativen Inves-tissement zu den anere Bankpro-dukter duer. Et kann en Investisse-ment mat méi oder wéineger grousssem Risiko sinn, dofir awer méi rentabel wéi aner Produkter.

Anerersäits awer, well de Porte-feuille mat den Autokreditter zum Beispill mat all de Garantien, déi domat verbonne sinn, aus dem Bi-lan vun der Bank X an dee vun der Organisation de titrisation transfé-riert gëtt, stellt de Portfeuille vun den Autokreditter d'exklusiv Ga-rantie vun den Investisseuren duer. Seng Garantie kann also méi grouss si wéi wann e bei der Bank X selwer investéiert hätt. Am Fall vun enger Faillite vun der Bank X nämlechst wär den Investisseur mat senger Créance a Concurrence mat allen anere Créanciere vun der Bank getratt an hätt vläicht manner

aus sengem Investissement eraus-kritt wéi dat am Fall vun Recouvrem-ent vun de Créancen duerch den Organisme de titrisation wär. Dat, wat den Intérêt vun der Titrisatioun fir déi betrafte Parteien ubelaangt.

De Projet stellt also de gesetzleche Kader fir den Développement vun dem Titrisatioungsgeschäft op der Finanzplaz Lëtzebuerg duer. De Projet ass gekennzeechent duerch eng grouss Souplesse fir d'Titrisa-tiounsoperatiounen zu Lëtzebuerg kënnen duerchzeféieren. D'Zil vun Projet ass fir eng Prozedur opze-stellen, déi d'Titrisatioun zu engem räsonnabele Käschtepunkt erméi-glecht, déi d'Protektioun vun den Investisseuren an d'Kontroll vun dem Risiko awer seriö reglemen-téiert. Den Opbau vun Projet gesäit folgendermoossen aus: Un éischter Stell definéiert e wat Titi-ratioun ass a bestëmmt d'Formen ënnert deenen den Organisme de titrisation fonctionnéiere kann. Hei muss ee bemierken, datt den Or-ganisme de titrisation entweder als Kapitalgesellschaft oder als Fong ka fonctionnéieren, eng Differenz, déi um steierleche Plang vu grou-sser Wichtigkeet ka sinn.

Des Weideren zielt de Projet d'Kon-ditiounen op, déi en Organisme muss erfëlle fir bei eis zu Lëtze-buerg agrééiert kënnen ze ginn an definéiert d'Surveillance vun Or-ganisme duerch d'CSSF, dat heescht duerch d'Commission de sur-veillance du secteur financier. Des Weidere leet de Projet d'Dispo-sitiounen vun der Liquidatioun vun dem Organisme de titrisation fest. Hie fixéiert d'Konditiounen wéi d'Konte gefouert musse ginn, wel-cher Revisioun hien ënnerworf ass a wellech steierlech Dispositiounen fir hien applicabel sinn. Dann hält de Projet och d'Risikoe fest, déi ti-triséiert kënne ginn. Hei geet de Projet méi wäit wéi d'Gesetzer vun eisen Nopeschlänner andeems en d'Titrisatioun vun deene verschi-denen Aktivpostéi vun engem Bilan erméiglecht, jo esouguer Risiken, déi sech aus den Engagementer, déi eng Entreprise agaangen ass, erginn, oder och nach Risiken, déi sech aus hirer Aktivitéit erginn. An anere Länner ass d'Titrisatioun op d'Créancé limitéiert.

Des Weidere gesäit de Projet d'Rechter an d'Flichte vun den In-vestisseuren an de Créanciere vun dem Organisme de titrisation vir. Hien definéiert d'Rechter an d'Flichte vun dem Représentant fi-duciaire, en neie Beruff fir eis Fi-nanzplaz, deem seng Missioun do-ra besteet, d'Gestioun an d'Vertei-digung vun den Interesse vun den Investisseuren ze assurieren. Des Weidere fixéiert de Projet d'Sank-tiounen, deenen d'Opérateuren am Titrisatioungsgeschäft ausgesat sinn, wann hinnen Irregularitéiten an der Ausübung vun hirer Mis-sioun ënnerlafen. A schlussend-lech gesäit de Projet déi Modifika-tiounen un de Gesetzer iwwert d'Fi-nanzplaz, deem seng Missioun do-ra besteet, d'Gestioun vun der Titi-ratioun virgeholl musse ginn.

Ech ginn hei net am Detail op de Projet an. D'Detailer fannt Der am schrëftleche Rapport vun der Kom-missiou. Erlaabt mer just kuerz op déi steierlech Moossnamen anze-goan, déi de Projet encadréieren an déi wesentlech zum Succès vun dem Titrisatioungsgeschäft op der Finanzplaz Lëtzebuerg bäidro-e wäerten.

1) D'Titrisatiounsfongen, also d'Fongen an net d'Titrisatioungs-gesellschaften, si mat Ausnahm vun dem Droit d'apport kenger anerer Steuer bei eis am Land ënnerworf, an d'Resultater, déi se ausschëden, ënnerleien och kenger Rete-nue à la source a sinn och net bei dem Steuerzueler, deen net hei zu Lëtzebuerg wunnt, ze besteieren. Si ënnerleien also och net wéi déi meescht Investitiounsfongen der Taxe d'abonnement.

2) Den Droit d'apport vun engem Organisme de titrisation gëtt zu en-gem fixé Betrag erhuewen, deen 1.250 Euro net iwwerschreiden daërf.

3) D'Gestioun vun dem Organisme de titrisation, also déi Prestation de service, déi den Organisme senge Clienté leescht, ass fräi vun der TVA.

4) Wann den Organisme de titrisation ënnert der Form vun enger Gesellschaft fonctionnéiert, ënnerläit hien net der Verméigenssteuer.

Nieft all deene steuerlechen Avantagen huet d'Chambre de Commerce gemengt, an de Statsrot huet se och deelweis an hiren Iwwerleeunge suivéiert, datt, wann d'Titrisationsgeschäft bei eis zu engem Erfolleg wëllt kommen, nach aner steuerlech Virdeeler missten agebaut ginn.

Zum Beispill de steuerlech neutralen Austausch vun den Titren, déi en Organisme de titrisation ausgestallt huet; oder d'Bewäertung bei dem Organisme de titrisation vun den ugeschaaftene Gidder mat enger souzesuener illimitéierter Décote; oder och nach de Benefiss fir d'Lëtzebuerger Gesellschaften, déi an en Organisme de titrisation investéiere vum Regime vun de Mammen- an Duechtergesellschaften a leschtendlech d'Ofschwächung respektiv d'Verhënnung vun der duebeler Besteuerung vun de Resultater, déi vun engem Organisme de titrisation ausgeschott ginn.

D'Chamberkommissioun wollt d'Remarke respektiv d'Virschléi vun der Chambre de Commerce engersäits an dem Conseil d'État anersäits net suivéieren, well se deelweis net justifiéiert wieren oder zu steuerlechen Abüen hätte féiere kënnen, déi dem Trésor public vill Steieren hätte kënnen entgoe loossen. Ech wëllt och hei op d'Argumentatioun vun der Chamberkommissioun, déi am schrëftleche Rapport détailléiert ass, hiweisen.

Wat déi méi formal Emännerungsvirschléi vum Statsrot ubelaangt, esou huet d'Chamberkommisioun se wäit gehendst ugehall a se an deem Text, deem hei virläit, agebaut. D'Chamberkommissioun huet de Rapport unanime ugehall a schléit der Chamber vir den Text esou ze stëmmen, wéi en hei virläit an ech ginn och domadder den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président. - Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net a menger Gewunnecht, dass ech ufänken de Rapporteur ze luewen. Mä an deem Fall muss ech soen, dass e sech ganz vill investéiert huet an och mat grousser Sachkenntnis dat do geleet huet an der Finanzkommissioun. Wéi gesot, dat kënnt vun Häerzen an ech félicitéieren him wierklech fir déi Aarbecht, déi e gemaach huet. Ech hunn allerdéngs e kleng Problem a senger Duerstellung an ech wëll just op deem agoen.

En huet d'Duerstellung, wat de steuerlechen Undeel ubelaangt, net genau a sengem Oflaf, esou wéi ech en op alle Fall an Erënnerung hunn, erëmginn. Ech wëll virausschécken, dass mer kee Problem domadder hunn, dass mer hei e gënschtege Régime fiscal maachen. Mä ech géing awer trotzdem an Erënnerung bréngen, dass mer hei e Régime fiscal hu vun de Fonds communs de placement, wou keng Taxe d'abonnement geschélt ass, dass mer eng Exemption op der TVA hunn, keen Impôt sur la fortune an den Droit d'accord limité hunn. Ech fannen, dass dat ganz vill um Fiskalplang ass an ech hu kee Problem domadder.

Ech wëll just soen, dass de Finanzminister, dee jo responsabel zeechent fir dat hei, zu engem Zäitpunkt, wou ech net weess wat e gepickt hat, gemengt huet d'LSAP géing wëllen de Betriber onnëtz

Steiergeschenker maachen. Dat ass iwwer Radio an Televisioun gaangen. Dat wat hien eis do virgeworf huet war totale Quatsch. Mir hunn ni esou eppes gesot. Mir hunn ni esou eppes gefuerdert. Mir hu gesot, mir mussen eis Steierlandschaft upassen an et ass net de Moment an engem Wahlprogramm hinczego grouss Versprechen de Betriber ze maachen, dass d'Steieren nach erofgesat ginn. Hien huet awer gemengt sech doriwwer ausloossen ze misse. Dat war zu engem Zäitpunkt, wou en esou e Projet wéi deem heiten déposéiert hat, wou deem an der Diskussioun war a wou mer einfach musse soen, dass mer hei en extrem gënschtege Contexte fiscal schafen. Da ginn ech net zum selwechten Zäitpunkt anere Leit eppes virwerfen, déi näischt anescht fuerdere wéi dat wat hien elo selwer mécht.

Zweetens, wëll ech soen, Här President, dass et an der Finanzkommissioun schon esou wäit war, dass wat de Conseil d'État ubelaangt, de Représentant vun der Regierung scho seng positiv Astellung dozou zur Kenntnis ginn hat, also am Numm vum Finanzminister u sech wollt nach méi wäit goe wéi dat wat schlussendlech elo erauskomm ass, an dass eréischt du gefrot ginn ass op Awänn vun eiser Säit, mir géinge gär d'Steieradministratioun héieren.

D'Steieradministratioun, Här President, war formell. Si war net frou mat deem Projet de loi. Si akzeptéiert en, mä war radikal dergéint wat proposéiert gi war vum Conseil d'État. Esou ass et ofgelaf a mir hunn eis och dunn alleguer raliéiert un deem Text, deem elo do ass. Mir kënnen also mat deem Text liewen. Mir kënnen deem Text roueg stëmmen, well en entsprécht eiser Approche fir esou eppes ze maachen.

Ech acceptéieren allerdéngs net vu politesche Responsablen deeselwechte Moment en Discours ze féieren, wou se aner menge kënnen erwëscht ze hunn, dass se de Betriber wëllten onnëtz Geschenker maachen. Mir wëllen dat hei. Mir wëllen näischt anescht. Mir stëmmen dat hei an näischt anescht a mir wollten net méi wäit goe wéi de Représentant vun der Regierung ee Moment d'Intentioun hat.

Ech soen lech merci, Här President.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vu dass dat hei jo e ganz techneschen a komplizéierten Dossier ass, wou éischter d'Spezialisten doheim sinn, wollt ech mech just op e puer Remarque limitéieren am Numm vun der Demokratescher Partei.

Et ass ganz kloer, eise Wëlle muss si fir d'Finanzplaz weiderhin nach méi attraktiv ze maachen a mat deem Gesetzesprojet komme mer deem ouni Zweifel no, well mer jo e weidere Créneau hei zu Lëtzebuerg schafen, deem dann och elo definitiv eng Base légale kritt. Mir schafen och domadder eng zousätzlech Méiglechkeet, fir nach anert Kapital an d'Land unzezéien.

Et ass jo munchmol esou, an de Rapporteur, den Norbert Hauptert, huet dat schonn hei ënnerstrach, dass e Kreditetablissement en Deel vu sengen Aktiven net méi wëllt halen, well se net méi rentabel sinn, oder well se net méi interessant sinn, an dass se da kënnen duerch en Transfert un eng aner Gesellschaft ofgi ginn.

Ze begrëssen ass u sech, dass dee juristesche Kader elo hei net ze vill contraignant geschafe ginn ass. D'Acquisitioun vun de Créancen an d'Emissiounen vun den Titre sinn u sech elo zwou Hauptoperatiounen, a wichteg ass och ze

erwähnen, dass an deem Gesetz virgesinn ass, dass déi Operatiounen net onbedéngt musse vun deemselwechten Organismus ausgefouert ginn.

Duerch dese Projet kritt natierlech och d'CSSF nei Attributiounen. Ech mengen, et ass richtig, dass d'CSSF d'Méiglechkeet kritt, fir all Informatiounen unzufroe wat déi eenzel Organismen ubelaangt, well mir wësse jo allegueren, dass eis Finanzplaz dobausse ganz genee begutacht an observéiert gëtt an dass all Feeltrëtt natierlech benotzt gëtt, fir se ze schwärzen. An deem Sënn si mer der Meenung, dass et richtig ass, dass d'CSSF e Maximum u Kontrollméiglechkeete kritt, fir dass Abüe kënnen ausgeschloss ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun allem natierlech d'Fro, ënner wéi enger Form d'Titrisatioun solle besteeleert ginn, huet fir eng Rei vu Reaktiounen gesuergt. Och mäi Virriedner ass schonn drop agaangen. Esouwuel d'Chambre de Commerce, wéi och de Conseil d'État sinn der Meenung, mir géingen an deemem Projet net wäit genuch goen. Och wann ee Gesprécher mat Fachleit gefouert huet, ass dat munchmol esou duergestallt ginn. Et ass natierlech esou, dass dese Marché awer ofhängeg ass vun engem favorable fiskaleschen Umfeld an d'Steierverwaltung huet eis erkläert, dass gefaart kënnt ginn, wa mer géinge méi wäit goen, dass dat eng Répercussioun hätt op d'Steierrecetten, virun allem natierlech op d'Kierperschaftsteuer a gegebenenfalls och op d'Gewerbesteier. Dowéinst muss ee wahrscheinlech en éischten Téschebilan emol ofwaarden, fir ze kucke wéi sech deem neie Marché elo wäert hei entwéckelen.

Ech wëll dann nach kuerz op en anere Punkt agoen. Et ass jo en opent Geheimnis, dass eis Bankplaz an deenen nächste Joren neien, gréisseren Defien ausgesat ass, well vill Länner sinn amgaangen hir Légsilatioun ze adaptéieren, esou dass e Retour vum Kapital op hiren Territoire soll beschleunegt ginn. An anere Wieder heescht dat, dass mir musse vläicht an Zukunft nach méi verstärkt eng Nischepolitik maachen. Allerdéngs muss een dann natierlech och sai Produit dobausse ganz gutt ubidden an do si jo d'Fachleit der Meenung, dass d'Prospektioun an Zukunft nach méi geziilt sollt ginn.

Ech wëll drop hiweisen, an dat ass engem och gesot ginn, dass verschidden Internetsäiten an Zukunft nach misste méi op Englesch duergestallt ginn, fir dass dobaussen déi interesséiert Kreesser sech méi geziilt kënnten informéieren.

Op där anerer Säit gëtt et och an anere Länner gewësse Strukturen, fir eben hir Bankeplaz, hir Finanzplaz, nach besser duerzustellen. Ech denken zum Beispill un d'IDA an Irland. Dat heescht, Irish Development Agency. Et muss een op där anerer Säit allerdéngs soen, dass d'ABBL och schonn eng Rei vun Efforté mécht, fir den Image de marque vun eiser Bankeplaz dobaussen nach ze verbessern.

D'Kommunikatioun vun der Finanzplaz Lëtzebuerg muss also e gemeinsaamt Zil sinn, fir d'Zukunft esouwuel vun der Politik wéi natierlech och vun de konzernéierten Acteuren.

Et muss een awer och hei soen, dass an deene leschte Joren enorm vill Ustregnunge gemaach goufen, fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg weiderhin attraktiv ze halen an ech wëll an deem Kontext vläicht emol e Fachmann zitieren, de Professor Bruno Colmant, deem Administrateur délégué vun der ING Lëtzebuerg ass. Deen huet nämlech an der Zäitschrëft AGEFI de leschte 6. Februar Folgendes

geschriwwen: «Le Grand-Duché de Luxembourg a indéniablement créé un climat extrêmement favorable au développement de son secteur bancaire. Ce contexte se caractérise par une confidentialité reconnue, une fiscalité pragmatique et une législation sociale flexible».

Ech géing soen, mat deem Gesetzesprojet wäerte mer ouni Zweifel eis Finanzplaz och consolidéieren, respektiv nach méi attraktiv maachen an et ass also evident, dass d'demokratesch Fraktioun dann och hir Zoustëmmung dozou gëtt.

Ech wëll awer ofschléissend dem Norbert Hauptert nach e grouse Merci aussprieche, well en effektiv sech an deem därengen Dossier hei ganz gutt erageschafft huet.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här President, ech wëll och am Numm vun eiser Fraktioun dem Kolleeg Norbert Hauptert merci soe fir sai Rapport. Mir waren eis an der Kommissioun alleguer eens, dass mer frou waren den Här Hauptert ze hunn, fir de Rapport ze maachen an deser ganz komplexer Matière. Mat den Experté vun der Steierverwaltung a vum Ministère hu mer dee ganz problematesche Projet duerchgeholl a waren zur Konkusioun komm, dass et e Projet ass, deem am Interesse vun eiser Bankeplaz ass, an och dofir vun eiser Säit aus Zoustëmmung féinnt.

M. le Président. - De leschten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk). - Här President, meng Interventioun wäert awer e bësse méi kritesch ausfallen. Déi Technik vun der Titrisatioun, déi hei soll geregelt ginn op eng vill méi favorabel Aart a Weis wéi an deene meeschten aneren europäesche Länner, souguer Irland, am Interesse vun den Investisseuren an déi Titrisationsfongen, bedeit jo, dass all méiglech wirtschaftlech Relatiounen tëschent Leit kënnen an Zukunft ëmgewandelt ginn an Aktien, a sou genannt Titren, an och kommerzialiséiert ginn als solch. Zum Beispill Créancen, déi Banken hunn op Logementspréten, Découverté vu Bankkonten an esou weider, an och ganz Betriber oder Dealer vu Betriber. Et ass an der Kommissioun d'Beispill genannt gi vun engem Fliger vun der Luxair, och zukünfteg Einnahme vu professionnelle Sportsvereiner, a firwat net, wéi dat a Portugal geschitt ass, dass de Stat enger Titrisationsgesellschaft d'Recht iwwerdréit fir Steierscholden anzezéien. Dat ass alles prinzipiell méiglech mat esou Instrumenter, déi jo ganz breet gefaasst sinn.

Ech mengen, dass dat Ganzt ekonomesch bedeit eng weider Bannung vun der realer Ekonomie un déi kuerzfristeg Profitierwaardunge vu professionellen Investisseuren, an dass dat och natierlech Konsequenze kann hunn op d'Leit, déi an de Betriber schaffen, oder och zum Beispill op d'Consommateuren, well et sech hei och ëm Préten handelt, mä weder d'Salariatsvertreider nach d'Vertreider vum Konsumenteschutz sinn an deser Fro consultéiert ginn, während awer den Avis gefrot ginn ass an och deementsprechend ausgefall ass, wéi een et konnt erwaarden, vun der Chambre de Commerce. Och den Institut de recherche Lippmann, dee mir hunn, huet net en Avis critique gemaach zu deem Ganzen, mä war selwer bedeelegt un der Ausschaffung vun deem Projekt.

Kriticke sinn am Fong geholl just komm vun der Steierverwaltung, an zwar aus guddem Grond, wéi och schonn hei gesot ginn ass, well dat

Gesetz bedeit nämlech um steuerleche Plang haaptsächlech zwou Saachen. Éischstens, déi sou genannt Titrisationsfonge wäerten zukünftig zu Lëtzebuerg kenger Betriebssteuer ënnerleie mat der Ausnahm vun engem minimalen Droit fixe bei hirer Grënnung. Si wäerte weder der Kierperschaftsteuer ënnerleien nach der Taxe d'abonnement, nach der TVA, nach der Verméigenssteuer, während awer zum Beispill déi aner Investitionsfongen, och d'Holdingsgesellschaften, awer an der Regel d'Taxe d'abonnement bezuelen, eng Taxe d'abonnement, déi gewëssemooosen eng pauschal Besteuerung duerstellt um Niveau vun den Aktien. Firwat ass déi Taxe d'abonnement deemools agefouert ginn? Den Här Steichen a sengem Buch iwwert den Droit fiscal spécial huet dat esou gekennzeechent, dass dat am Fong den Droit de péage ass, dee se dovun dispenséiert Akommesteier hei zu Lëtzebuerg ze bezuelen, da bezuelen se weinstens déi forfaitaire Taxe d'abonnement.

Wat déi Taxe d'abonnement ugeet, do hu mir jo an der leschter Zäit vill hei doriwwer missen diskutéieren. Déi Taxe d'abonnement ass fir d'éischte Kéier an der Geschicht beim Budgetgesetz fir gewëssen Investitionsfonge ganz ofgeschaaft ginn, obschonn d'Finanzlag vum Stat dat eigentlech guer net zouléist. Et ass souguer geschitt op d'Propos vun där gréisster Oppositionspartei, der LSAP. Den Här Krecké huet virdrun hei gesot, dass dat och der Meenung vun der LSAP a vun him perséinlech entsprécht, dass dat misst esou geschéien.

Wat mat deem heite Gesetz geschitt, mat deem e jo och d'accord ass, dat ass, dass mer eng ganz nei Kategorie vu Fonge schafen, déi generell keng Taxe d'abonnement méi musse bezuelen. An dat ass, fannen ech, e weidere Schrëtt an der Aushielegung vum Steuerrecht am Interesse vu groussen Investitionsgesellschaften, déi op Lëtzebuerg aus deenen Ursaache sech usidele kommen.

Zweetens soll de Lëtzebuerger Gesetzgeber de Mëtteg decidéieren, dass déi Ausschëddungen, déi déi Fongen un hir Investisseure maachen, dass déi Ausschëddungen, obscho se all Charakteristiken hunn an der Regel vun Dividenden, keng Dividende solle si steuerrechtlech gesinn, mä Zësen. Wären et Dividenden, da misst eng Retenue à la source elo scho vun 20% zréckbehalen ginn. Well et awer Kapitalzëse sinn, si se kenger esou enger Retenue ënnerworfen, also gëtt weider Kapital op Lëtzebuerg ugezu mat där neier Steiernisch, déi do geschafe gëtt, déi jo keng Niche de compétence ass, obwuel gesot gëtt d'Finanzplaz misst sech elo méi ëm d'Kompetenz bekëmmern, mä eng reng Niche de souveraineté, wou duerch d'Gesetzgebung decidéiert gëtt, dass dat esou soll geschéien.

D'Vertreider vun der Steierverwaltung hunn an der Finanzkommissioun onmëssverständlech hir Oflehnung vun deser Bestëmmung signaliséiert. Si hu gemengt Lëtzebuerg géif domadder international ënner Beschoss geroen. Si hu gesot, dat géif géint d'Regele vun Code de bonne conduite an Europa verstoussen an et wär e Véhicule domageable an där Hisiicht. Si hu weider gesot, de Projet misst dofir och zu Bréssel extra signaliséiert ginn, fir dass e kéint ënnersicht ginn op déi Iwwerleeungen do hin. Ech fannen dat sinn awer staark Wieder vu Kritik un der Regierung.

Et ass och gesot ginn, dass de Statsrot an d'Chambre de Commerce wollten nach vill méi wäit goen. Si wollten finanziell Montagen nach zousätzlech zouloossen, déi et erlaabt hätten am wirtschaftleche Grupp zesumme mat Betriber, och nach d'Gewerbesteier, déi déi Betriber jo awer musse bezuelen, ze spueren. An deem Zesum-

menhang ass iwwregens och dat Beispill vum Luxair-Fliger genannt ginn. Sou wäit wollt d'Regierung net goen, mä et ass awer gefuerdert ginn.

M. le Président.- Här Urbany, Är Zäit ass ofgelaf!

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Jo, Här President. Ech weess.

Ech wëll schléissen andeem ech soen, dass dësé Projet ouni Zweifel bedeit, dass d'Bankeplaz mat esou engem Gesetz nach weider Fonge wäert unzéien, wou sech och Gewënner erwaart ginn, mä ech froe mech, wou den Intérêt fir Lëtzebuerg ass. Deen ass zweifelhaft, well Steiere bleiwe jo aus an d'ekonomesch Répercussiounen ginn och net determinéiert hei.

De Steierdumping an Europa gëtt awer weider ugedriwwen. Frankräich huet och elo e Gesetz gemaach fir déi Fongen unzezéien. Leidtragend wäert ouni Zweifel déi real Ekonomie sinn an déi Leit, déi an der realer Ekonomie schaffen. A wéi dat jo ausgesäit vis-à-vis vun de Leit, dat gesi mir zum Beispill bei deene Fuerderungen, déi d'ABBL elo huet vis-à-vis vun hire Beschäftegten, wou se gären de Kollektivvertrag ausser Kraaft setzt a wou d'Gewerkschaften Recht hunn elo do dergéint ze demonstrieren.

Ech stëmme selbstverständlech - dat hutt Dir, mengen ech, erausfonnt - géint dësé Projet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, dësé Projet de loi reit sech an an d'Strategie vun der Regierung, fir eng zolidd diversifiéiert, gutt iwwerwaachten a seriö Finanzplaz.

Mir hunn an deene leschte Joren eng ganz Rei vu Projeten hei am Parlament abruecht, déi zu där Diversifikatioun bäidroen an déi solle sécherstellen, dass Lëtzebuerg eng kompetitiv Finanzplaz ass. Ech erënneren un d'Gesetzer iwwert d'Investmentfongen, iwwert d'Fonds de pensions, iwwert d'Banque d'émission de lettres de gage, iwwer nei Beruffer vun dem Secteur financier, iwwert den Trust. Ech kënnt déi Rei laang viruféieren.

An deem Kontext geet et eis och drëm, dass mir fir nei Aktivitéiten, déi sech op anere Plazen eventuell usidelen, hei dat Émfeld geschaaft kréien, fir dass se zu Lëtzebuerg gemaach ginn, an domat, an dat soen ech deem leschte Riedner, och nei Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg schafen, respektiv évitéieren, dass Aarbechtsplazen op aner Finanzplazen ofwanderen. Dat ass eng Politik, déi mir op der Finanzplaz wéi an anere Secteure vun der Ekonomie maachen.

D'Choixen, déi hu misse getraff ginn, waren net där einfacher, mä ech wëll lech soen, an ech soen dat e puer Kollegeen, déi heibanen drop higewisen hunn, dass d'Steierverwaltung géint verschidden Dispositiounen gewiescht wär, déi awer och rappeléiert hunn, dass de Conseil d'État an d'Chambre de Commerce gäre méi wäit gaange wäeren.

An enger Demokratie ass et normal, dass net d'Verwaltungen d'Texter decidéieren, mä dass d'Parlament an d'Regierung opgrond vu Virlage vun der Regierung d'Texter decidéieren. Ech soen lech, dass ech ville Banquiere begéint sinn, déi gesot hunn, Dir musst nach vill méi wäit goen an der steierlecher Regelung, fir dass dat iwwerhaapt attraktiv gëtt.

Et ass ganz kloer, an et ass och d'Aufgab vun der Steierverwaltung fir der Regierung ze soen, passt op, dat dote ka vill bedeiten. Esou wéi d'Steierverwaltung och bei

deene leschte grouse Steierreform fir d'Betribler a fir d'Privatpersounen ëmmer gesot huet, si wär fir ee méi héije Steiersaz. Dat ass hir Aufgab, mä an dësem Land ass et esou, dass d'Regierungen decidéieren. Dofir huet den Här Krecké opgepasst, dass en nëmme vum Représentant vum Minister a vun der Verwaltung geschwat huet. D'Regierung huet hei e Mëtzelwee gesicht tèschent deenen extreme Fuerderunge vun dem Marché an der Positioun vun der Verwaltung.

(Interruption)

Ech weess net vu wat fir engen Aussoen Dir schwätzt. Dësé Projet de loi hunn ech déposéiert an ech hunn hei zesumme mam Finanzminister, dee fir d'Steiersituatioun zoustänneg ass, gesot: Mir hunn déi Steierreform fir Betribler gemaach, déi eis un de Peloton de tête vun den attraktive Wirtschaftsitzen zu Lëtzebuerg situéiert, a mir hunn hei op engem ganz spezifische Punkt, net eng generell Moosnam fir d'Betribler geholl, mir hunn op engem ganz spezifische Punkt dofir gesuergt, dass dës Finanzplaz konkurrenzfähig ass an et nach méi gëtt.

Ech deelen d'Meenung vun dem Här Graas, dass een no e puer Joer muss kucken, wéi dësé Mëtzelwee, deen d'Regierung proposéiert huet an deen d'Chamber schéngt ze stëmmen, sech ausgewierkt huet an ob een dann nach kann eng Etapp méi wäit goen. Dat muss een och maachen à la lumière vun deem, wat op anere Finanzzentere geschitt. An dofir mengen ech, ass dat hei mol e ganz gudde Schrëtt fir eng nei Aktivitéit zu Lëtzebuerg unzesidelen.

Ech wëll iwwregens soen, d'Titrisatioun gëtt et och haut schonn en dehors vun dësem Gesetz an et wäert se och an Zukunft en dehors vun dësem Gesetz nach ginn. Mä hei schafe mir nach méi e klore juristische Kader, deen eng Zort vun Titrisatioun ka maachen. Sou wéi mir d'Fiducie schonn hate virun dem Gesetz vun der Fiducie an deem neien iwwert den Trust, esou kann een och haut schonn d'Titrisatioun maachen, déi net onbedéngt an de Statistiken iwwregens refléiert gëtt, an an Zukunft nach méi där Geschäfte zu Lëtzebuerg maachen, ouni dass mir awer - an dat ass och d'Suerg vu mir als Budgetsminister -, domadder ze vill d'Recettes fiscales vum Stat a Gefor setzen.

Et war en Équilibre ze fannen, ech menge mir hunn e fonnt, an ech si ganz dankbar. Ech menge vill Leit, déi op der Finanzplaz schaffen, sinn dankbar, wann d'Chamber den Owend mat grousser Majoritéit, wéi ech hoffen a wéi ech mengen aus den Interventiounen héieren ze hunn, dësé Projet de loi wäert stëmmen.

Ech soe merci.

M. le Président.- Den Här Urbany freet nach eng kéier d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Här President, ech froen nach eng kéier kuerz d'Parole après ministre. Den Här Frieden huet elo gesot, et géifen Aarbechtsplaze geschafe gi mat deem Gesetz hei. En huet zwar net gesot wéi vill, mä fest steet awer och, dass duerch esou Investitiounsfongen allgemeng, awer och an Europa an an der Welt vill Aarbechtsplazen ofgeschaaft ginn, well déi Propriétaire vun esou Fonge gewësse Profiterwaardungen hunn, a wann déi net erfëllt ginn, da ginn d'Betribler einfach zougemaach - och, wa se net déficitaire sinn. Dat wollt ech awer och nach soen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir maachen d'Lecture vun den Artikelen an och de Vote vum Projet am Uschloss un dee Projet, dee mir elo nach maachen, wat och nach e Finanzprojet ass, deen an d'Kompetenz vum Här Budgetsminister Frieden geet.

Mir kommen also zur Diskussioun vum Projet de loi 5194 iwwert d'Banque centrale. Et sinn age droen déi Häre Krecké, Rippinger, Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

12. 5194 - Projet de loi portant approbation de la décision du Conseil réuni au niveau des chefs d'État ou de Gouvernement du 21 mars 2003 relative à une modification de l'article 10.2 des statuts du Système européen de banques centrales et de la Banque centrale européenne

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Merci, Här President.

Dee Projet, dee mir hei virleien hunn, huet als Zil d'Approbatioun vun enger Décisioun vum Conseil vun der Europäescher Union, wat d'Modifikatioun vum Artikel 10.2 vun de Statute vun der europäescher Zentralbank ubelaangt. Den Artikel 10.3 regelt d'Décisionen, déi am Conseil des gouverneurs vun der Zentralbank geholl ginn. De Conseil des gouverneurs ass d'Décisionsorgan vun dem europäesche System vun den Zentralbanken. Hien definéiert am Fong geholl d'Politique monétaire vun der Communautéit a fixéiert den Zënssaz vun der Zentralbank oder och nach den Approvisionnement vun de Reserve vum europäesche System vun den Zentralbanken.

De Conseil des gouverneurs besteet haut aus sechs Membere vun dem Directoire, dat heescht, dem Direktionscomité vun der europäescher Zentralbank, an aus deene Gouverneure vun deene verschiddenen Nationalbanke vun de Länner aus der Eurozon. Den Emännerungsvorschlag vum Artikel 10.2 berout engersäits op der Suerg fir no der Erweiterung vun der Union eng effikass Prise de décision am Conseil des gouverneurs weider ze assuréieren, déi awer anerersäits duerch déi wirtschaftlech Representativitéit vun deene Länner, déi dës Décisioun droen, garantéiert ass.

Den neien Décisionsssystem gesäit vir eng Limitatioun vun de Gouverneuren, déi den Droit de vote an dem Conseil de gouverneurs hunn, an dat no engem Rotationsprinzip. De Rotationsprinzip geschitt bannent de Gruppen an deenen d'Gouverneure vun deene verschiddene Länner no zwee Kritären opgedeelt ginn. Déi Kritäre bestinn engersäits aus dem Undeel vun all Land um PIB vu sämtleche Länner aus der Eurozon, an zweetens um Undeel vun all Land am agréierte Gesamtbilan vun de Währungsfinanzinstituter vun de Memberstaten, déi den Euro adoptéiert hunn.

Dësé leschte Kritär spillt zu Gonschte vu Lëtzebuerg, dat sech do duerch herno am zweete Grupp vun deene Länner wäert behapte kënnen. Den neie System gesäit zwou Etappe vir. Eng éischt Etapp soll geholl ginn, wann d'Zuel vun de Gouverneuren tèschent 16 an 21 läit. De Moment hu mir jo 12 Länner, déi an der Eurozon sinn, mir hunn also 12 Gouverneuren nieft deene sechs aus dem Directoire. Da ginn zwee Gruppe vu Länner opgestallt, en éischte Grupp vun deene fënnf éischtklasséierte Länner no deene Kritären, déi ech elo grad ernimmt hunn, an en zweete Grupp vun al-

len anere Gouverneuren. Am éischte Grupp hu véier Gouverneuren d'Stëmmrecht an am zweete Grupp eelef Gouverneuren.

An der zweeter Etapp, wann d'Zuel vun de Länner 22 erreecht oder méi, da ginn dräi Gruppen opgestallt, en éischte Grupp erëm vun deene fënnf éischtklasséierten an en zweete Grupp vun der Hal-schent vu sämtleche Gouverneuren an e Grupp vun dem Rescht vun de Länner. Do wäert Lëtzebuerg sech dann an dem zweete Grupp positionéieren. Am éischte Grupp bleiwen also véier Stëmme fir véier Gouverneuren, den zweete Grupp kritt aacht Stëmmen an den drëtte Grupp dräi.

Et sief nach bemierkt, dass de Rotationsssystem eréischt ufänkt, wa véier weider Memberstaten, déi d'Konvergenzkritären erfëllt hunn, den Euro adoptéiert hunn. D'Décisioun trëfft awer a Kraaft den éischten Dag vum zweete Mount, nodeem dat lescht Land déi Décisioun ratifizéiert huet.

Well et gutt wär, dass virun der Erweiterung dësé Projet oder dës Décisioun ratifizéiert wär, louch eng grouss Urgence op dësem Projet. Ech wëll och dofir de Kollege vun der Finanzkommissioun merci soen, dass se, nodeem dass mer gëschter eréischt de Rapport ugeholl hunn, domat d'accord waren, fir deen haut hei ze diskutéieren, fir dass mer den Délai vum 1. Mee net wäerten iwwerschreiden. Ech géing dann d'Chamber invitéieren, dësé Projet esou ze stëmmen wéi e vun der Kommissioun proposéiert gouf. Ech bréngen och domadden den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech soen dem Här Hauptert merci fir déi Wieder iwwert dee Projet - dat erlaabt eis net méi drop anzegoen. Ech muss soen, an ech verstoppen et net, dass ech awer net frou sinn iwwert déi Procédure parlementaire, déi mir hu missen aschloen. E Gesetz virgestallt kréien, e Gesetz explizéiert kréien, e Rapporteur nennen, de Conseil d'État duerchhuelen an de Rapport an enger Sitzung: Dat ass keng gutt parlamentaresch Aarbecht. Mä ech ka leider dës kéier mol net d'Majoritéit dofir verantwortlech zeechnen, well et eng aner Institution ass, déi leider hei hiren Avis e bëssen ze spéit eraginn huet. A vu dass un der ganzer Saach jo en Advantage fir Lëtzebuerg läit, wa mir dat an dëser Aart a Weis an an dëser Formulatioun duerchkréien, ass eis Fraktioun mat deem Projet hei d'accord.

M. le Président.- Den nächsten Diskussionsriedner ass den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech bréngen och den Accord vun eiser Fraktioun. De Rapporteur huet eis, de Memberen aus der Kommissioun, merci gesot. Ech soe bien entendu och dem Rapporteur e grouse Merci, dass en ënnert deene Konditiounen de Rapport esou schnell fäerdeg gemaach huet. Et geet hei ëm eng Emschichtung vun der Stëmmeverdeeling bei der Banque centrale. Mir musse just oppassen, wann et herno ëm d'Kommissioun geet an d'Representatiounen an der Kommissioun, dass mir dann net deeselwechte Modell wielen. Domadder wëll ech dann den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus den Accord zu

dësem Projet bréngen. Ech mengen, sou wéi eis Virriedner gesot hunn, et ass ee Projet, dee positiv ass fir eist Land.

Mir bedauere selbstverständlech awer déi Prozedur, déi mir elo gëschter hu missen iwwer eis ergoe loossen, wou praktesch an enger Kommissiounssëtzung d'ganz Prozedur gemaach ginn ass. Do muss een awer dem Kollege Rapporteur félicitéieren, deen am Fong schonn de Rapport fäerdeg hat, ler en an der Kommissioun genannt gi war. Dat war och eng eemoleg Prozedur, déi mir do haten, wou mir am Fong den Avis de Projet presentéiert kritt haten, de Rapporteur ernannt hunn, de Projet presentéiert hunn, de Rapport presentéiert kritt hunn, ugeholl kritt hunn, an alles.

Mä ech mengen, mir waren eis awer eens, dass an dësem Fall esou eng Prozedur huet missen esou séier goen, well mir och un den Délai gebonne si vum leschten Abrëll. Et bleift ze hoffen, dass dann och déi aner europäesche Staten - well sou wéi mir gëschter informéiert gi sinn, sinn nach 14 Länner, déi an dësem Mount mussen deen Exercice maachen - dat preparéieren. Och wa mir net frou sinn iwwert déi Prozedur wéi se gëschter an haut gelaf ass, Här President, beweist et awer, dass d'Lëtzeburgerger Parlament, wann et muss sinn, souguer ka bannent manner wéi 48 Stonnen esou e Projet hei duerch seng intern Instanze goe loossen. Dat ass och eppes Positives: Wann et emol eng kéier muss séier goen, da geet et séier. A wéi gesot, ech ginn d'Zoustëmmung vun eis zu dësem Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Minister Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, bei esou vill Eestëmmegkeet wëll ech keng Komplikatiounen an d'Diskussioun bréngen. Ech géing dofir just wëllen dem Här Deputéierten Norbert Hauptert vun der CSV merci soen, gradesou wéi ech do nach géing mäi Merci drunhanken, well ech hei vergless hat vir-drun him och merci ze soe fir mäi Projet de loi vun der Titrisatioun. Ech mengen, dass déi zwee Projeten, déi mir den Owend hei stëmmen, wichteg sinn, fir d'Finanzplaz a fir d'Land, an déi zweet, déi Der elo grad stëmmt, huet wesentlech zu engem positivé Resultat gefouert, zu engem bessere Resultat fir eist Land, well mer eng staark Finanzplaz hunn, deem jo an der Gewichtung herno an der Zentralbank Rechnung gedroe gëtt. An dofir sinn ech wierklech am Numm vun der Regierung ganz dankbar fir déi gutt a schnell Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 5194.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par Mme Nancy Arendt), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz,